N° 7172
Entrée le 14.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Ëffentlech Aarbechten & Wunnengsbau weiderzeleeden.**

De Staat ass Proprietär vum ale Gendarmeriesgebai zu Rodange souwéi dem Terrain hannendrun (Kadasterparzellen 634/2581 & 634/2582). Zënter Jore steet dëst schéint historescht Gebäi eidel, nodeems de Rodanger Policebüro hei zougemaach gouf.

Den Informatioune vum Kadasteramt no, hunn dës 2 Terrainen eng Gesamtgréisst vun 30 Ar. D'Gebai selwer gouf als schützenswäert aklasséiert an dierf deemno net an der Substanz verännert ginn. Dës Weideren huet d'Gemeng Péiteng den Terrain an eng HAB2-Zon gesat, wat bedeit, dass d'Gebai fir Wunnzwecker muss genotzt ginn.

Um Terrain nieft der Gendarmerie (Kadaterparzell 625/8274) plangt de Fonds du Logement iwwregens grad de Bau vun ëffentleche Wunnengen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass geplangt, fir an der aler Gendarmerie ëffentleche Wunnraum ze bauen?
   Falls jo, bis wéini sollen hei Wunnengen entstoen?

2. Fir wéi eng Zwecker gëtt d'Gebai aktuell genotzt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten